N°7064
Entrée le 25.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 25.10.2022

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. Oktober 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Et ass kee Geheimnis, datt et eisem Land a ville medezinesche Beräicher un Doktere feelt. Dofir ass et verwonnerlech, datt vill Demandë vun Dokteren, déi hei am Land praktizéiere wëllen an deenen hir Diplomer an anere Länner unerkannt goufen, vum Gesondheetsministère ofgeleent ginn. Eis si Fäll vun auslänneschen Dokteren zu Ouere komm, déi net nëmme vergeblech op eng entspriechend Autorisatioun, mee och vergeblech op eng Äntwert vum Ministère gewaart hunn.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1) Kann d'Madamm Minister confirméieren, datt verschidden Demandë vun auslänneschen Dokteren, fir hei am Land praktizéieren ze kënnen, net fristgerecht beäntwert kënne ginn? Wa jo, aus wéi enge Grënn ass dat net méiglech?
2) Kann d'Madamm Minister preziséieren, wéi vill Persounen am Ministère dofir zoustänneg sinn, fir Autorisatiounsdemandë vun auslänneschen Dokteren ze evaluéieren? Wéi eng Qualifikatioune mussen déi Leit hunn? Wéi vill Demandë musse si pro Kapp am Joer beäntweren?
3) Wéi vill Autorisatiounsdemandë goufen an deene leschte fënnef Joer vun auslänneschen Doktere gestallt? Wéi vill vun dëse Leit krute bis elo keng Äntwert? Wéi vill Demandë goufen ofgeleent? Aus wéi enge Grënn goufen déi Demanden ofgeleent?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten